De « collectif DADOFONIC »…

... ass de neien Atelier Protégé vun der Ligue HMC s.c. zu Capellen.

- An deem Atelier gëtt visuell Konscht a Bühnekonscht gemaach, woubäi den Schwéierpunkt op der duerstellender Konscht läit.
- 12 Kënschtler mat enger geeschteger Behënnerung schaffen do a gin als Ensembel sozialpädagogesch a kënschtleresch betreit.
- De « collectif Dadofonic » produzéiert Bühnewierker mat allem wat derzougehéiert. Kostümer, Kulissen a Requisiten gi selwer gemaach. Et gëtt grousse Wäert dorop geluecht dass d'Iddien fir Stécker a Projeten vun de Kënschtler zesummen entwéckelt an ausgeschafft ginn.
- De « collectif DADOFONIC » schafft mat Kënschtler aus de verschiddensten Sparten zesummen.
- Egal op et sech dobäi ëm Theaterschauspiller, Sänger oder Moler handelt: de « collectif DADOFONIC » bitt d'Geléigenheet den Hobby zum Beruff ze maachen.
- Geleet gëtt de « Collectif » vum Claude Englebert a vum Dagmar Weitze.

Konscht ass schéin...

...mä mëcht vill Aarbecht. (Karl Valentin)

- Op Kënschtler kann eis Gesellschaft net verzichten. Si droen duerch hiert scheinbar onnëtzt Ronderëmtaaschten eppes Wesentleches bäi. An dësem Erschafensprozess fannen d'Leit zu sech selwer. Si droe Verantwortung fir hiert an och dem Grupp säi Wierk. Hiert Kucken an hiert Verstoen gëtt gestäerkt.
- Kënschtlerescht Schaffen ass eng Ressource, eng Quell fir d'Liewen, a vermëttelt dem Kënschtler, an duerch hien, der ganzer Gesellschaft Liewenssënn. Dëse Prozess dréit dozou bäi nei Weeër an Tendenzen ze fannen, ze formen an ze benotzen.



collecti DADOfonic

Di eenzeg Regel beim DADA: et gëtt keng Regelen. An och keng Ideologie. Dem Zoufall an dem Spill gëtt vill Raum gelooss, zum Beispill gi Wierder an Silben zerschnëppelt an nei zesummegesat. Dodurch entsteet eng nei Lautsprooch.

Och Konschtsparten wäert de « collectif DADOFONIC » opléisen an ënnerteneen frësch mëschen . Dem Zoufall gëtt bewosst Plaz gemaach an mat him geschafft. Doduerch entsteet eng Entwécklung, déi aus Ënnerscheeder Virdeeler mëcht.

eise Kapp ass ronn fir datt eis Gedanken
hir Richtung ännere kënnen
Picabia

collectif DADOFONIC
295, rue de Luxembourg
L- 8077 Bertrange
Tel: - - -
Fax: 30 71 04
GSM: - - -
mail: claude.englebert@ligue-hmc.lu

Ligue HMC coopérative s.c.
82 rte d'Arlon
L-8301 Capellen
Tel: 30 92 32 1
Fax: 30 71 04
www.ligue-hmc.lu

collecti DADOfonic

Atelier de l'art visuel et de la scène

LigueHMC